

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2020

Avis zur der aktueller Schoulsituatioun **(Covid-19 a seng Konsequenzen)**

“Ausnamesituatiounen erfuerderen Ausnamemoossnamen”, déi dréi Wierder si keng Excuse, mee leider Realitéit wärend den Zäiten, wou de COVID-19 eis Gesellschaft am Grëff huet. An dësem Brëif schreift d’CNEL, déi national Schülerkonferenz, wéi déi Problemer, déi de COVID-19 eis am Oflaf vum reguläre Schouljoer mëscht, kënnen geléist ginn. Déi folgend Léisungen si vu Schüler an de leschten Deeg ausgeschafft ginn a behandle 3 verschidden Situatiounen. Dëst Dokument bezitt sech net op Ofschlossklassen.

Falls d’Schoul den 19. Abrëll weider geet:

Falls d’Schoulen nees den 19. Abrëll op sinn, wier vu Virdeel der CNEL no, d’Prüfungen aus dem 2. Trimester ab den 20. Abrëll bis den 30. Abrëll nozeschreiw, an da wier 2. Trimester domadder offiziell ofgeschloss.

Fir dass awer de Kuer regulär weidergefouert ka gi schloe mir fir maximal eng Prüfung den Dag ze schreiw. Sou verléiert een net nach méi Zäit a d’Schüler ginn net iwwerfuert.

Als Matière vun deene Prüfungen soll näischt dra fir komme wat am Homeschooling nei gemaach gouf, an d’Schüler soumat nëmmen doheem geléiert hunn. Eng Ausnam wier eng eestëmmeg Awëllegung vun der ganzer Klass fir d’Matière aus dem Homeschooling mat bäi ze huelen.

No de Prüfungen géif dat leescht Trimester ufänken, ënnert der Viraussetzung, dass de Programm gekierzt an d’Zuel vun de Prüfungen erofgesat gëtt.

Vill Schüler hunn Bedenke, well se och nach Rattrapageprüfungen noschreiw müssen an déi 2 Woche mam Féierdaach ze kuerz wieren, fir alles no ze schreiw. Dofir schloe mir vir bësse Flexibilitéit ze weisen, an dass déi Rattrapagen an der éischer Meewoch nach kenne nogeholl ginn.

Falls d'Schoul net den 19. Abrëll weider geet, mee virun der Péngschtvakanz:

D'CNEL ass der Meenung, dass dat 2. Trimester 2 Woche laang nogeholl soll ginn, d.h. dass Prüfungen nogeschriwwe solle ginn fir dat Trimester offiziell ofzeschléissen.

Dobäi sollen och weiderhin net méi wéi eng Prüfung den Dag geschriwwe ginn an an de Prüfunge soll näischt kommen, wat een duerch Homeschooling doheem geléiert huet, et soll also nëmmen déi Matière enthalen, déi am 2. Trimester och zesummen an der Klass mam Proff duerchgeholl gouf. Falls awer Homeschoolingmatière gefrot gétt, muss d'Klass eestëmmeg averstanen sinn. Och hei schloe mir vir bësse Flexibilitéit ze weisen fir Rattrapagen, an dass déi Rattrapagen no deene 2 Wochen nach kennen nogeholl ginn.

Dono géif dann dat 3. Trimester ufänken, mee de Programm soll drastesch gekierzt ginn, soumat also maximal een Test pro Fach gemaach soll ginn. De Programm kierzen, heescht fir eis Matière déi net onbedéngt op déi Joren duerno opbaut, kenne wechfalen ze loossen an sech op déi wichtegst Punkte vum leschten Trimester ze konzentréieren.

Falls ee Schüler mierkt dass duerch déi verlueren Zäit, Matière awer net esou gutt konnt eriwwer bréngen, da kann dësen eng 2. Prüfung ze schreiwe kréien.

Fir de Fall, dass d'Schüler der Meenung sinn dass si Schwieregkeeten hunn an engem oder méi Fächer, sollen si d'Méiglechkeet kréien, an der grousser Vakanz Nohëllef ze kréien. Do wënsche mir eis dass en Effort gemaach gétt, déi Nohëllef gratis unzebidden. Vill Schüler hunn scho Problemer mam Homeschooling am Moment, well si net dat neidesch technesch Material hunn fir ze léieren (keen eegenen Laptop, schlecht Internetverbindung, etc) a mir wëllen weider Diskriminatiounen verhënnern.

Falls d'Schoul réischt no der Péngschtvakanz, de 7. Juni opgeet:

An dësem Fall recommandéiere mir als CNEL dass den Homeschooling besser ausgebaut gëtt, also bis dohin d'Onlinekuere verbessert ginn an een nationale online Kuer ausgeschafft gëtt fir all Klass, fir sécherstellen, dass all Schüler déi selwecht Basis an de Fächer kennen hunn. Zousätzlech solle Proffen de Schüler déi fir si nei Matière professionell bäibréngen.

Fir 2. Trimester ofzeschléissen, solle Schüler Méiglechkeet kréie fir all Fach en klengen Dossier ze maachen, fir ze beweisen, dass si d'Matière kennen, deen nëmme neidesch ass, falls nach net genuch Prüfunge geschriwwe goufen, esou dass all Schüler dann eng Zensur fir dat 2. Trimester ka kréien.

Deadline vun dësen Dossiere wier da Mëttwochs, den 11. Juni, esou dass d'Schüler sech kenne perséinlech mat engem Proff ausschwätzen. Mir ënnersträichen hei awer och ganz kloer dass den Dossier net ze grouss dierf sinn, fir dat d'Resultater dem Schüler kenne mat Zäite matgedeelt ginn.

Dat 3. Trimester soll am selwechte Style oflafen, nëmme dass do ebe fir all Fach een Dossier ze maachen ass, natierlech solle Proffen sech bewusst sinn, dass och dësen Dossier net iwwert eng gewësse Gréisst ka goen. Am Fall wou ee Schüler gären eng Prüfung géing schreiwen, muss de jeeweilige Proff dësem och d'Méiglechkeet ginn.

Fir de Fall, dass d'Schüler der Meenung sinn dass si Schwierigkeiten hunn an engem oder méi Fächer, sollen si d'Méiglechkeet kréien, an der grousser Vakanz gratis Nohëllef ze kréien. D'Grënn sinn schon uewe benannt ginn.

Am nächste Schouljoer, soll och verstärkt méi Nohëllef ugebuede ginn, fir Schüler, déi sech onsécher fillen, a verschiddene Matièreën, wéinst dem Homeschooling vum dëse Joer.

Fir all déi Schüler, déi an engem Orientatiounsjoer si soll de Conseil de Classe drëms gebueden ginn e bësse méi Spill bei de Punkten ze loossen an de Schüler op déi Sektoun ze orientéieren, déi wuel am beschte fir hie wier a à préférence och seng Wonschsektioun.

Falls de Schüler am Laf vum nächste Schouljoer mierkt dass hien awer net seng Matière beherrscht, kann hien dat 1. Trimester nach entscheeden an déi Klass drënner ze goen.

Keim ee Schüler an eng Situatioun wou him nëmme maximal 3 Punkte feele fir d'Joer ze packen, egal wéi een Fach, soll de Schüler mat Ofsprooch vu sengen Elteren a Proffen entscheede kennen op hien d'Joer widderhëlt oder weider kennt.

Dës Recommandatioune sinn fir Trimesteren ausgeschafft ginn, kennen awer och op Semesteren iwwerdroe ginn. D'Schüler, déi Semesteren hunn, solle Chance kréien, hier Prüfungen nozeschreiwen an hiert lëscht Semester soll gekierzt ginn.

Falls Schoulen net virun der Péngschtvakanz opginn, sollen si maximal eng Prüfung pro Fach schreiwen an e Dossier ausschaffen oder en Oral kréien.

Fir Klassen, déi Modullen hunn wéilte mir och gär dass déi Module gekierzt ginn an nëmmen déi wichtegst Matière gepréift gëtt.

D'CNEL wëll dem Här Minister Claude Meisch an dem Ministère de l'Éducation Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse villmools Merci soe fir dësen Avis a Consideratioun ze huelen a wënscht allen eng gutt Gesondheet an dëse schwierigen Zäiten.

Kimon Leners

CNEL President

